
N°3271
Entrée le 18.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse


**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, der Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul, Stéphanie Obertin, an der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3271 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen**

1. **Wéi vill Schüler waren 2016 an de Schoulen um Lampertsbierg ageschriwwen a wéi vill Plaze fir Studente waren um Campus Lampertsbierg? Wéi hunn sech dës Zuele bis 2025 entwéckelt?**

   2016 waren um ieweschte Lampertsbierg en Total vun 8.050 Schüler a Studenten ageschriwwen. Am Graphique hei drënner kann een d'Opdeelung vun de Schüler a Studenten op déi jeeweileg Etablissementer erausliesen.




   Têschent 2016 an 2025 sollten sech d'Schüler -a Studentenzuelen, follgendermoossen entwéckelen:




   Aktuell sinn um ieweschte Lampertsbierg nach ongeféier 4.050 Schüler an de béide Lycéeën a 400 Schüler an der Waldorfschoul ageschriwwen. Mëttlerweil huet ee groussen Deel vun der Universitéit Lëtzebuerg gradewéi och de Lycée Vauban (Enseignement secondaire a fondamental) de Campus Lampertsbierg verlooss.

2. **Hält d'Regierung un der Zuel vu 6000 manner Schüler bis 2027 fest, wéi et op der Versammlung presentéiert gouf? Falls net, wat ass déi aktualiséiert Zuel?**

   Zil vun der Regierung ass et weiderhin, wéi och an der Informatiounsversammlung vum 23. Mee 2016 annoncéiert, d'Gesamtzuel op 1.400 Schüler um ieweschte Lampertsbierg ze reduzéieren.

3. **Wéi vill a wéi eng Terrainen um Lampertsbierg, déi duerch d'Plënnere vu Schoulen oder der Uni fräi gi sinn, goufe fir Wunnengsprojeten ëmstrukturéiert a wéi vill Wunnenge sinn hei entstanen?**

   Bis dato konnten nach keng Wunnengsprojeten um Lampertsbierg realiséiert ginn, well de concernéierte Lycée, d'International School Michel Lucius, säi Site nach net liberéiert huet.

Lëtzebuerg, den 18. Dezember 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH